N°1600
Entrée le 29.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.11.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. November 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ëmweltminister an d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Vum 1. Januar 2025 u mussen d'Fluchgesellschaften op mannst zwee Prozent sougenannten nohaltege Kerosin (sustainable aviation fuel - SAF) tanken. Dobäi handelt et sech ëm Kerosin, dee virun allem aus Offallproduite wéi Kachueleg, Déierefetter (asw.) hiergestallt gëtt. Den Direkter vun der Cargolux huet déi entspriechend Veruerdnung vis-à-vis vun der Luxembourg Times als "existenziell Bedroung" fir déi europäesch Fluchgesellschafte bezeechent. No den Informatioune déi d'Luxembourg Times vun de Versuergungsgesellschaften um Findel krut, verursaachen dës zwee Prozent SAF eleng 75 Prozent méi Käschten, wéi déi aner 98 Prozent vum Treibstoff. Trotzdeem soll deen Undeel bis 2030 schonn op sechs Prozent klammen, wärend d'Fligeren och doropshi kontrolléiert ginn, datt si net op anere Plazen op Reserve tanken, fir dës Zousazkäschten ze ëmgoen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi steet d'Regierung allgemeng zu der Moossnam, fir d'Fluchgesellschafte vum 1. Januar 2025 un zur Bäimëschung vum SAF ze verflichten? Wéi wäert sech dës Moossnam no de Previsioune vun der Regierung op d'Kompetivitéit vun de Fluchgesellschaften an der EU auswierken? Deelt si d'Bedenke vum Direkter vun der Cargolux?
2) Wéi wäert sech dës Moossnam no de statistesche Previsioune vun der Regierung op d'Präisser am Passagéierfluchverkéier auswierken?
3) Wéi wäert sech dës Moossnam no de statistesche Previsioune vun der Regierung op d'Präisser am Gidderfluchverkéier auswierken?
4) Am Individualverkéier gëtt mam HVO100, dem sougenannte gréngen Diesel a villen EU-dorënner och eisen Nopeschlänner scho laang groussflächeg Kraaftstoff aus Offallproduite agesat. Gesäit d'Regierung hei eng Konkurrenzsituatioun fir d'Loftfaart déi d'Präisser zukünfteg nach weider an d'Luucht dreiwe kéint?
5) Gesäit d'Regierung vir, fir déi allgemeng Auswierkunge vun där Veruerdnung op de Fluchverkéier, vum 1. Januar u genau ze erfaassen an auszewäerten? Wäert si sech gegeebenefalls fir eng Ännerung vum mëttel- a laangfristegen Zäitplang vun dëser Virgab asetzen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten